Gewerkschaft
vum Gemengepersonal

FGFC

P507 ID 2706

A.L.I.N.

66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tél.: 40 77 20-1
Fax: 40 77 20-40
fgfc@fgfc.lu
**www.fgfc.lu**

**FGFC – ALIN – oppene Bréif u Politik a Gesellschaft**

*Thema Schoul-Schwammen – rezenten Accord FLNS mat der Regierung*

# Mir gi vu Regierung a Chamber am Stach gelooss!

Säit 2009 mëscht d'ALIN dorops opmierksam, dass mir am Schoulschwammen e Problem hunn. Well Politik sech iwwert Joren daf gestallt huet, huet d'ALIN zesumme mat der FGFC 2015 eng Petitioun gestart. Et huet een och gesinn, dass et de Leit net egal war, wat iwwer 7000 Ënnerschrëfte kloer beweisen.

Mee zou welleche Verännerungen huet déi Petitioun schlussendlech gefouert? Zu kengen! Weder fir d'Schoulkanner nach fir déi jonk Leit déi eng Ausbildung vun 3 Joer gemaach hunn, fir de Schwammmeeschter-Beruff ze léieren.

Och huet de Ministère de l' Education Nationale et net méi fir néideg fonnt, der ALIN ob hiren Asproch vun dem Rapport vun den Schoul-Inspekteren iwwert Schoulschwammen ze äntweren.

Iwwregens gëllt dat och fir d' Petitiounskommissioun innerhalb vun der Chambre des Députés. Waren d' Petitionnairë bis an der Chamber, da kënnen se d'Petitioun an den Tirang leeën a vergiessen.

Mir stelle fest, dass weder d' Chamber nach d' Regierung an eisem Dossier hëllefen, fir Problemer am Schoulschwammen ze léisen.

Dass awer e Minister deen an eng Petitioun involvéiert ass, Petitionnairen esou hannergoe ka wéi dat den Här Minister Claude MEISCH mat der ALIN gemaach huet, ass schonn e staarkt Stéck.

Dass doriwwer eraus no 8 Joer elo de Sportminister Romain SCHNEIDER, sech an dem Dossier amëscht, an Neel mat Käpp mech ass de Combel. Dobäi war 8 Joer laang näischt vum Sportminister zum Thema Schoulschwammen ze héieren.

Elo huet de Sportminister fir eis aus heiterem Himmel, d' FLNS fir d 'Ausbildung vun dem Léierpersonal engagéiert. FLNS mécht Léierpersonal elo fit fir Schoulschwammen ze halen.

Wéi ass esou eppes méiglech? Eng Federatioun gëtt elo bezuelt fir d' Léierpersonal als Laien auszebilde fir Schoulschwammen ze halen! Dobäi kennt, datt mir Schwamm-Meeschteren vun der Education Nationale a vu verschiddene Gemengen et schwéier gemaach kréie fir Schoulschwammen ze halen.

Dat bedeit nodeems Léierpersonal de pseudo Rettungsbrevet (ouni wierklechen Inhalt a fir Kanner ab 12 Joer) vun der FLNS maache mussen, dierfen se elo alleguer och nach Coursë maache wéi Kanner solle Schwamme geléiert ginn. Mir wäerten dëst als komplett irresponsabel!

Wa Rumeure stëmmen da keent de Cours aus der Schwäiz an dee muss do akaf ginn. Och dofir muss d' Educatioun Nationale erëm bezuelen.

Oder, geet et hei dorëms dass eng Federatioun op dësem Wee Suen a d'Kees kritt. Rechent een emol aus wéi vill dat kascht, X mol 15 € fir de Rettungsbrevet, dann al 2 Joer X mol 10€ fir de Recyclage vum Rettungsbrevet, an dann op mannst nach eng Kéier bezuele fir de Cours dass Kanner schwamme léieren.

Dobäi stelle mir eis dann d' Fro: Wat léiere d'Schoulmeeschteren dann a Punkto Schoulschwammen op der Uni wenn se elo musse bei d' FLNS a Coursë goen?

Mee ech kann iech versécheren:

Dir keent als Léierpersonal esou vill Coursë maache wéi dier wëllt, d'Sécherheet fir d'Kanner beim Schoulschwammen geet esou erof an och Qualitéit vun de Schwammcoursen gëtt méi schlecht.

**Et ass eise Beruff a mir maachen dat all Dag. Eng Aarbecht déi een all Dag mecht féiert dozou, dass een e Gefill kritt fir Problemer vun de Schoulkanner an och fir d 'Léisungen déi se brauchen.**

**E Schoulmeeschter bleift an der Schwämm ëmmer e Laien, ausser e géif wéi Schwammmeeschter all Dag an der Schwämm schaffen.**

Nach eng wichteg Saach! **Schoulkanner si keng Kompetitiounsschwemmer** an och keng Kanner déi an engem Schwammklub schwamme léieren. An eleng déi Tatsaach féiert dozou, dass ee Schoulkanner net no engem Schema X schwamme léiert.

**Et ass eng Sauerei vun der Politik hei eise Beruff komplett futti ze maachen.** An de leschte 35 Joer waren all Joer Jugendlecher an der Ausbildung. Eng Ausbildung déi ëmmer besser ginn ass, an de Bedierfnisser vun dem Schoulsport ugepasst ginn ass. Unerkennung vun de Verantwortlechen an der Educatioun ass hei gläich null.

Jugendlecher déi haut hire Beruff net méi esou dierfe liewe wéi se en geléiert hunn, bleiwen op der Streck.

Wa mir an e puer Joer nëmme méi ee Schwammmeeschter beim Schoulschwammen dobäi hunn, da mierken och déi lescht dat Schoulschwammen u Qualitéit verléiert a mat engem eenzege Schwammmeeschter d 'Sécherheet méi schlecht gëtt.

Mee dann ass et ze spéit. Bis dohi kënnen och Schwammmeeschter kee Schwammcours méi hale, well se jo keng adequat Ausbildung doranner méi kréien.

Mee vläicht ass och dat Ziel vun enger FLNS fir dass si erëm eleng de Marché hei am Land huet wat d' Schwammen ubelaangt. Esou war et jo, ier de Schwammmeeschter en offizielle Beruff ginn ass.

**D'FLNS ass politesch top vernetzt mat der Politik, do huet eng Beruffsorganisatioun wéi d'FGFC-ALIN keng Chance!**

*14. November 2017*

*Jupp Grüneisen*
*President vun der ALIN- affiliéiert un d'FGFC*
*Kontakt: 621 503 691*